

sinn. Mir waarden op den Avis vum Staatsrot. An ech weess, datt eeben och ganz vill Staatsbeamtinnen a Staatsbeamten, Agentinnen an Agenten beim Staat, déi an deene Karriäre sinn, den ënneschte Karriären, drop waarden, datt déi Harmoniséierung endlech duerchgeet. Mir all ... Dir hei, virun allem d'Chamber wëllt gären, datt dee Gesetzesprojet hei ka gestëmmt ginn. Mir als Regierung natierlech och. A wéi gesot, mir waarden op deen Avis do.

A wat huet et fir eng Konsequenz? Bon, mir wäerte jo do net méi déi selwecht Opdeelung vu Karriären hunn. Et wäerten der manner sinn. Et wäerten der aneschtens genannt ginn an et wäert natierlech och fir d'Bréifdréier sou kommen, datt och do déi Karriären aneschtens wäerte genannt ginn an dann eeben och dee Moment aneschtens wäerte libelléiert ginn, mat all deene Konsequenzen, déi dat fir si huet. Mee si wäerte selbstverständlech Deel dovunner sinn. An zukünftigen Diskussiounen wäerte mer eis, wéi gesot, och stellen, fir ze kucken, wéi mer déi Aarbechtskonditiounen fir deen Deel, wou mir zoustänneg sinn, an déi ënnert dem Statut public sinn, nach verbessere kënnen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8321. Den Text steet am Document parlementaire 8321³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8321 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

Ech hunn elo hei e Resultat stoen, dat ech léiwer net soen. Ech hunn 61 Jo-Stëmmen ...

(Hilarité)

... op mengem Ecran stoen. Ech ginn dovunner aus, datt dat der 60 sinn. Da mussen mer d'Informatik eng Kéier checken. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

20. Dépôt d'une résolution par Mme Sam Tanson

Dann hunn ech nach d'Fro gestallt kritt, ob et méiglech wär, eng Resolutioun ze deposéieren. Dat ass selbstverständlech méiglech. An ech ginn der Madamm Sam Tanson d'Wuert.

Exposé

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | Jo, merci, Här President. Ech wollt Är Zäit beanspruchen, fir awer e ganz wichtige Punkt, an dat ass dee vun eiser Nationaler Mënscherechtskommissioun, heibannen eng Kéier kuerz ze diskutéieren.

Dir hutt vläit matkritt, dass an der leschter Zäit do vun engem Deputéierten aus der Oppositioun massiv Kritik koumen, déi awer relativ zolidd waren. Et war rieds dovun gaangen, d'Presidentin vun der Mënscherechtskommissioun wär eng Feindin vun der Demokratie. Et géng e politesche Putsch gemaach ginn. Et wieren DDR-Methoden. Et géinge Lige verbreet ginn. An et gëtt gesot: „Mir brauche keng esou eng ...“

M. Tom Weidig (ADR) | Ech hunn dat net gesot.

Une voix | Dir hutt et geschriwwen.

(Hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | Wéinstens ass elo kloer, wéi een Deputéierte viséiert ass.

(Interruptions et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | D'Madamm Tanson huet d'Wuert ganz eleng! Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | An ...

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert ganz eleng.

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | ... et gouf geschriwwen: „Mir brauche keng esou eng Kommissioun!“

Mir haten de Moien den Didier Reynders hei, den europäesche Kommissär, deen zoustänneg ass fir den État de droit. Ech hat profitéiert dovun, well et steet nämlech a sengem Rapport en plus eng Recommandatioun, déi sech op eis Mënscherechtskommissioun bezitt. Dir wësst, dass mer driwwer diskutéieren, dass se och dee selwechte Statut soll kréie kënnen wéi den OKaju, wéi den Ombudsman, an der Chamber ënnerstallt ginn, fir hir Onofhängegkeet nach ze stäerken. A mir haten de Moien och eng Diskussioun doriwwer, wou ech dann och dat ugeschwat hat mam Didier Reynders, dee gesot huet, natierlech kéint een um Fong net d'accord si mat esou enger Kommissioun a sech kritesch mat den Avisen ausenansetzen, mee perséinlech Attacke wäeren awer vläicht net onbedéngt ubruecht.

Vu dass de Projet de loi 5882, deen deemools d'CCDH gegrënnt huet, hei unanime gestëmmt gouf, vu dass mer och déi Diskussiounen am Moment hunn a vu awer och den Attachement vu Lëtzebuerg zu de Mënscherechter – et ass den Artikel 2 vun eiser Verfassung, deen och nach eng Kéier ënnersträicht, dass eist Land fondéiert ass op de Prinzippe vum Rechtsstaat a vum Respekt vun de Mënscherechter –, vu dass déi Kommissioun eng extreem wichtige Roll an eisem Fonctionnement ze spillen huet, dass se och international unerkannt ass, wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir dass mir nach eng Kéier déi

fundamental a wichtige Roll vun dëser Kommissioun hei als Chamber zesumme soulignéieren, dass mer och eng Ënnerstëtzung ausschwatze fir d'Missiounen, d'Aktiounen vun der CCDH an och Vertrauen hunn an d'Expertise vun dëser Kommissioun, hir Onofhängegkeet an hir Integritéit bei hirer Aarbecht an dass mer och den Engagement continu an d'Kooperatioun tëscht der Chamber an der CCDH heimadder ënnersträichen. Duerfir deposéieren ech am Numm vun deene Gréngen dës Resolutioun.

Merci.

Résolution

« relative à la Commission consultative des droits de l'homme (CCDH) »

La Chambre des Députés,

rappelle

– l'article 2 de la Constitution du Grand-Duché de Luxembourg qui stipule que le pays « est fondé sur les principes d'un État de droit et sur le respect des droits de l'homme » ;

– que la Commission consultative des droits de l'homme (CCDH) est un organe consultatif du Gouvernement ayant pour mission la promotion et la protection des droits humains au Grand-Duché de Luxembourg,

considérant

– que le projet de loi n° 5882 portant création de la CCDH a été voté à l'unanimité à la Chambre des Députés ;

– qu'au sein de la CCDH, les membres œuvrent dans un esprit d'ouverture, d'impartialité et de tolérance, avec l'objectif de contribuer de manière constructive et démocratique au dialogue culturel, social et politique ;

– sa résolution du 1^{er} avril 2021 relative à la poursuite des efforts en matière de défense des droits humains, y compris dans le cadre des relations entre le Luxembourg et la Chine, par laquelle la Chambre des Députés s'était engagée à poursuivre ses efforts en matière de la défense des droits humains,

réaffirme

– le rôle fondamental et indispensable que joue la CCDH dans la promotion, la protection et la défense des droits humains au Luxembourg ;

– son soutien aux actions menées par la CCDH et sa confiance dans l'expertise, l'indépendance, et l'intégrité de son travail ;

– l'importance d'un engagement continu et d'une coopération renforcée entre la Chambre des Députés et la CCDH pour faire face aux défis actuels et futurs en matière de droits humains.

(s.) Sam Tanson, Djuna Bernard, Joëlle Welfring.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. An da fuere mir mat eisem Ordre du jour weider a mir kucken, wéini mer déi Resolutioun elo hei zur Ofstëmmung brénge kënnen.

21. 8139 – Projet de loi portant création d'un Observatoire de l'égalité entre les genres et d'un Conseil supérieur à l'égalité entre les genres

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 8139 iwwert d'Schaf vum Observatoire de l'égalité entre les genres a vum Conseil supérieur à l'égalité entre les genres. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno huet d'Rapportrice 10 Minutten, déi verschidde Sensibilitäten a Fraktiounen hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10

Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Mandy Minella, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Dan Hardy, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella, Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble, de l'Accueil, de l'Égalité des genres et de la Diversité

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als progressiv an inklusiv Gesellschaft ass et grondsätzlech wichteg, sech fir Gläichheet tëschent alle Geschlechter anzusetzen. Dëse Projet de loi dréit derzou bäi, andeems zwou Mesüuren aus dem Plan d'action national pour une égalité entre les femmes et les hommes ëmgesat ginn. Den neie Comité supérieur wäert an Zukunft aus Experten zesummegezat sinn, déi sech mat der Gläichheet tëschent de Geschlechter befaassen, an net méi aus enger Composition quadripartite bestoen. De Conseil supérieur wäert zu alle Froe betreffend d'Geschlechtergläichheet Avisen ofginn a kann och op eegen Initiativ Virschléi areeche, déi zu enger Verbesserung vun der Geschlechtergläichheet bäidroen kënnen.

D'Hauptuleies vum Gesetzesprojet ass awer déi legal Basis, fir deen am Ufank genannten Observatoire ze schafen. De Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer huet mat der Errichtung vun dësem Observatoire schonn am Dezember 2019 ugefaangen. Deemools huet den Observatoire sech a senge Missiounen awer op d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer beschränkt.

De Gesetzestext, dee mir haut stëmme wäerten, schwätzt awer vun engem Observatoire, dee sech mat der Gläichstellung vun alle Geschlechter beschäftegt wäert. Dëst spigelt eis Gesellschaft, déi sech net eleng binär duerstelle léisst, vill besser erëm. D'Erhiewung an den Traitement vun den Donnéeën zu alle Geschlechter wäerten net vun haut op muer kënnen geschéien, mee et gëtt intensiv dorunner geschafft, déi néideg Krittären ze definéieren a schnellstméiglech all déi néideg Donnéeën ze sammelen an analyséieren ze kënnen.

Kolleegen a Kolleeginnen, firwat ass et wichteg, iwwer en Observatoire ze verfüegen, dee sech mat der Geschlechtergläichheet befaasst? Engersäits ginn d'Demande vun den internationalen Organisatiounen, wéi zum Beispill de Vereenten Natiounen, dem Conseil de l'Europe oder der EU, ëmmer méi detailléiert. Dat stellt fir déi national Instanzen, déi dës Donnéeën sammeln an traitéieren mussen, eng Erausforderung duer. Anersäits ass et eng Tatsaach, dass politesch Prioritéiten an och Initiativen am beschten definéiert kënnen ginn, wann déi néideg Donnéeën an d'Analyse vun den Donnéeën verfügbar sinn.

Den Observatoire wäert d'Aufgab hunn, d'Donnéeën vun den öffentlichen Administratiounen an Institutiounen ze zentraliséieren an ze traitéieren. Dofir mussen d'effentlech Administratiounen awer och incitéiert ginn, hir Donnéeën systematesch no Geschlecht ze ventiléieren. Dofir muss, wéi gesot, nach eng gewësse Viraarbecht geleescht ginn, bis d'Donnéeën zu alle Geschlechter eenheetlech erhuewe kënnen ginn.

D'Donnéeën wäerten an enger éischter Phas a siwe prioritäre Beräicher vum Gender Equality Index vum Europäeschen Institut vun der Geschlechtergläichheet erhuewe ginn. Dës Beräicher sinn d'haislech Gewalt, d'Beschäftegung, d'Entscheidungsfindung, den Equilibre tëschent Privat- a Berufsliewen, d'Educatioun, de Revenu an d'Gesondheet.

Den Observatoire wäert d'Donnéeën op dräi Niveaue verschaffen: Éischtens wäert eng Datebank geschaf gi mat enger Lëscht vun Indicateure fir déi siwe verschidde Beräicher. Zweetens wäerten d'Donnéeën vun der néideger Qualitéit – dat heescht verifizéiert a korrekt Donnéeën – op engem Internetsite verëffentlecht ginn. An drëttens wäert den Observatoire e Comité d'accompagnement ëmfaassen, deen aus Experte besteet an a kompletter Autonomie wäert schaffen kënnen. Dës Experte mussen déi néideg analytesch Kompetenzen hunn, fir d'Evolutioun vun de gesammelten Donnéeën an hiren Zuelen ze interpretéieren a fir d'Politick Recommandatiounen auszeschaffen. Zousätzlech wäert den Observatoire och all Joers mat engem schréfftleche Rapport ofschléissen.

Här Präsident, ech kommen dann elo op den Avis vum Staatsrot ze schwätzen, dee just eng Opposition formelle formuléiert huet. Dësen hat op eng Insécurité juridique higewisen, déi duerch de Saz „L'Observatoire est guidé dans ses travaux par un Comité d'accompagnement“ entsteet. Well dëse Comité net zousätzlech zum, mee innerhalb vum Observatoire geschaf gëtt, huet de Staatsrot folgend Formulatioun proposéiert, déi och vun der zoustänneger Chamberskommissioun ugeholl gouf: „L'Observatoire comprend un Comité d'accompagnement.“

Nieft dem Avis vum Staatsrot goufen nach sechs weider Avisen zu dësem Projet de loi agereecht, vum Syvicol, dem Conseil national des femmes, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, dem Centre pour l'égalité de traitement an der Chambre de Commerce. Ech wäert net op all Avis agoen, mee just e puer Punkten op dëser Plaz ervirhiewen.

De Conseil national des femmes hieft a sengem Avis ënner anerem ervir, dass net eleng d'Donnéeën iwwert d'haislech Gewalt erhuewe solle ginn, mee iwwer all Forme vu Gewalt. Ausserdeem sollt inklusiv Sprooch genotzt ginn a beim Comité d'accompagnement och Persounen aus dem assoziative Beräich als Observateure virgesi ginn.

D'Salariatskummer hätt sech gewënscht, dass den Aufgabebereich vum Observatoire nach op weider Beräicher – ofgesi vun deenen aktuelle siwen – ausgeweit géif, während d'Handelskummer méi Präzisiounen begréisst hätt, wat déi genee Donnéeën betrëfft, op déi den Observatoire Accès soll kréien.

Domadder schléissen ech mäi mëndleche Rapport of. Fir all weider zousätzlech Informatiounen verweisen ech op de schréfftleche Rapport. An ech wollt och all de Memberen aus der Kommissioun Merci soe fir déi flott Zesummenaarbecht an dofir, dass mer dës Rapport unanime konnten unhuelen.

Am Numm vu menger Fraktioun ginn ech den Accord zu dësem Projet de loi a soe villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci der Rapportrice fir hire schréfftlechen a fir hire mëndleche Rapport.

An deen éischten ageschriwwene Riedner – oder Riednerin – ass d'Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

Discussion générale

Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, léif alleguer, wéi d'Rapportrice scho gesot huet, kritt mat dësem Gesetzesentwurf de besteende Observatoire de l'égalité eng legal Basis a gëtt dann den Observatoire de l'égalité entre les genres.

Dësen Observatoire wäert weiderhin duerch eegen Ëmfroen, awer och duerch extern Sourcë gespeist ginn. Dat Ganzt mat der Zilsetzung, verschidde Phänomene besser kënnen ze moossen, fir da kënnen déi richteg politesch Prioritéiten ze setzen. Dowéinst ass och eng järelech Mise à jour wichteg, fir iwwert d'Zäit kënnen ze kucken, ob déi Moosnamen, déi ergraff gi sinn, och wierklech um Terrain gräifen.

An enger éischter Phas – an dat huet d'Rapportrice scho gesot – wäerten déi siwe prioritär Beräicher vum Gender Equality Index weidergefuert ginn. Als CSV begrësse mer, dass d'Dieren awer och opstinn, fir spéider weider Beräicher mat eranzehuelen. Esou kéint een zum Beispill un d'Medien denken. Wat och begrëssenswäert ass, dat ass, dass den neie Conseil supérieur à l'égalité entre les genres, deen de Comité du travail féminin ersetzt, och aner Beräicher wéi nëmmen d'Aarbecht wäert behandelen.

Et ass och ugeduecht, dass an Zukunft nonbinär Statistiken sollen erfaasst ginn. Mee fir dës ze maachen, brauch et awer nach eng gewësse Viraarbecht, andeems ee sech mat anere Länner austauscht a sech vun Expertinnen an Experte berode léisst.

Wa Gremie geschafte ginn, sou wéi an dësem Fall de Comité d'accompagnement vum Observatoire oder de Conseil supérieur, gëtt et ëmmer erëm Diskussiounen, ob déi am Gesetz selwer oder an engem separate Règlement musse gereegelt ginn, an et gëtt och dacks Diskussiounen iwwert d'Funktionsweis an d'Zesummesetzung vun dëse Gremien. D'Ministesch huet eis awer mat novollzéibaren Argumenter erkläert, firwat et esou gemaach gëtt.

D'CSV ass frou, dass all d'Parteien an der zoustänneger Kommissioun d'Meenung gedeelt hunn, dass d'Terminologie „entre les genres“ iwwerall soll ugewant ginn. Dofir huet d'Kommissioun d'Regierung direkt no hirer leschter Sëtzung mat engem Schreiwe opgefuert, an all hiren Texter, virop am eegenen interne Règlement, d'Missioun vum Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité deementsprechend unzepassen.

Dat gesot, ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesentwurf.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Morgenthaler. Den nächsten ageschriwwene Riedner – oder och Riednerin an dësem Fall – ass d'Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nom europäeschen Gender Equality Index ass Lëtzebuerg säit Joren e Spëttereider, wat de Kampf fir d'Chancëgläichheet ugeet.

Den Observatoire de l'égalité gouf schonn 2019 vum MEGA an d'Liewe geruff – dat huet d'Rapportrice jo och scho gesot – an als LSAP si mir frou, dass weider op dëser Aarbecht opgebaut ginn ass, fir d'Gläichstellung tëschent de Geschlechter ze verbessern.

Mat dësem Projet de loi ginn och laangjäreg Fuerderunge vu Fraenorganisatiounen an och vun der Fuerschung ëmgesat. Eng wichteg Ännerung ass, dass beim Observatoire de l'égalité mëttlerweil net méi just vun enger „égalité entre les femmes et les hommes“ – dat hu mer jo och elo schonn e puermol héieren –, mee enger „égalité entre les genres“ rieds ass. An an deem Kontext wëll ech just nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Zuelen an d'Donnéeën, déi mer am Moment erhiewen, aktuell eeben ëmmer just nëmmen tëschent Mann a Fra ënnerscheeden. An hei géing et natierlech och e bëssen eppes bréngen, wa mer zum Beispill den Intersex géinge consideréieren.

Et ass nämlech och essentiel, dass d'Mënschen an Zukunft an hirer ganzer Diversitéit erfaasst kënnen ginn, an den neien Titel vum Observatoire geet do scho mol an déi richteg Richtung.

Mat genderbaséierte Statistike ginn Inegalitéiten nach méi siichtbar. Esou huet Lëtzebuerg zum Beispill Schwierigkeeten, wann et drëms geet, Fraen zu Muechtpositioune respektiv och zu Entscheedungspositioune zouzeloossen. Dat gëllt fir Positioune souwuel an der Economie wéi och an der Politick. Fakt ass, dass och hei an der Chamber just een Drëttel vun den Deputéierte Frae sinn, mee ech kéint och elo d'Beispill ginn, dass och an de Verwaltungsreiter just nëmmen 20 % Frae sinn. An do gëtt et sécherlech nach Spott no uewen.

Fir esou Ongläichheeten, déi deelweis eréischt beim zweeten oder drëtten Bléck opfale, éischter opdecken ze kënnen, ass et wichteg, dass den Observatoire mat der Zäit méi Theemeberäicher analyséiert. Geschlechterdifferenzéiert Donnéeën si fir eng Egalitéitspolitick dréngend noutwendeg. Et kann een engersäits zilorientéiert Mesüeren ergräifen an anerersäits anhand vun den Donnéeën och präiwen, ob déi ergraffte Moossnamen iwwerhaupt eppes bewierken.

Donieft dréit den Observatoire zur Sensibiliséierung bäi. Duerch en transparenten Zougang gëtt e Bewosstsi fir genderbaséiert Ongläichheeten am Land geschaf. Och dat weist, wéi wichteg esou eng zentraliséiert Ulafstell ass, déi fir jiddereen zougänglech ass.

Fir d'Zukunft bleift ze hoffen, dass sech op EU-Niveau op Standarder géeneget gëtt, fir dass nach besser Vergläicher kënnen gezu ginn a fir dass mer och besser vunenee léiere kënnen. Och fir d'Fuerschung wäert esou en Datefloss ganz interessant sinn.

Nach eng ofschléissend Remark zum Conseil supérieur: Och hei fanne mir et gutt, dass d'Regierung un den Ambitioune vun der vieregter festhält. Mam Schafe vun Conseil supérieur gëtt de Comité du travail féminin ersat a méi Acteuren aus verschiddene Beräicher sollen eng berodend Funktioun kréien. Heimat kennt duerfir eng nei Dynamik, déi net just der Diversitéit vum Mënsch, mee och der Diversitéit vun der Gesellschaft Rechnung dréit. D'LSAP stëmmt dës Projet duerfir kloer mat.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Delcourt. Den Här Dan Hardy huet d'Wuert. Här Hardy.

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, am Exposé des motifs vun dësem Gesetzesprojet heescht et, dass d'Covidkris déi strukturell Ongläichheeten tëscht Fraen a Männer verschäerft hätt. Confinement an aner Moossnamen, déi am Kontext vu Covid-19 imposéiert goufen, hunn der Economie an dem Aarbechtsmaart staark geschuet, an och d'Sozial- a Familljeliewe vun de Leit gouf op vill Manéiere staark beaerchréit.

Här President, et wier wuel keng Partei méi dorunner interesséiert wéi d'ADR, déi vill a wäitreechend Agräffer an d'Privatliewen, déi sozial Benodeelegungen duerch déi operluechte Covidmoossnamen a -restriktiounen an hiren Impakt op déi ganz Gesellschaft am Detail opzeschaffen. Do hält sech den Interessi vun der Regierung awer leider a Grenzen.

Dann awer hinzugeen an dës als Grondlag ze notze fir d'Behauptung, dass et zu Lëtzebuerg strukturell Inegalitéiten tëscht Fraen a Männer gëtt an dës duerch d'Covidkris verschäerft goufen, léisst net grad Vertrauen opkommen an eng Institutioun, déi bestoend Statistiken an Donnéeën zesummeféieren an doraus e Gesamtbild vun der Gläichberechtigung

mole soll, fir dass den Egalitéitsministère eng a sengen Ae balancéiert Rolleverdeelung tëscht Fraen a Männer bestänneg garantéiere kann.

Wann ee mat de Leit dobause geschwat huet, war et wuel kaum d'Rolleverdeelung tëscht Fraen a Männer, déi de Leit esou ze schafe gemaach huet, mee d'Mesüeren, déi d'Gesellschaft privat an op der Aarbechtsplaz gespléckt hunn, se staark psychologisch belaaucht a finanziell an d'Laberente bruecht hunn.

Zu Lëtzebuerg hunn d'Fraen an d'Männer déi nämmelech Rechter, wat eng ADR ganz kloer ënnerstëtzt. Mir si fir d'Gläichberechtigung vu Fra a Mann, awer net fir eng Gläichmaacherei, wat leider ëmmer nees vermëscht gëtt. D'ADR ass prinzipiell der Usicht, dass mir net ze vill Administratioune sollten hunn, a mir kënnen d'Schafe vun enger legaler Basis fir dës Struktur net ënnerstëtzen. Mir gesinn net, wat de Méiwäert dovun ass, virun allem well mir bis elo jo de Comité du travail féminin haten.

Et ass fir eis och net kloer, wéi op Basis vun den opgeléichten Donnéeën e realistesch Gesamtbild zur Rolleverdeelung tëscht Fraen a Männer soll geschaf ginn. A wat fir een Impakt dat op d'Patronen an d'Wirtschaft huet, ass och eng Fro, déi ee sech stelle kann, an och, wat nach alles soll observéiert ginn, wann hei rieds geet vu prioritären Domänen an enger éischter Phas.

Och well dës Gesetzesprojet plazeweis ze vag ass a vill Spillraum léisst fir Spekulationen a fir e strukturell Aféieren oder Ëmsetze vun Initiativen, déi reng ideologisch grënn hunn, wäerte mir dës Projet net matstëmmen. Et ass jo kee Geheimnis, dass d'ADR sech wiert géint Virgäng, déi zum Beispill d'Promotioun vun der Genderideologie an déi entsprechend Sprochreegelunge kënnen mat sech bréngen, ...

M. Tom Weidig (ADR) | Très bien!

M. Dan Hardy (ADR) | ... dass mir eis och wiere géint Quoteregelungen, déi näischt aneres ewéi positiv Diskriminéierungen a Benodeelegungen sinn, an dass mir eis wiere géint Servicer an Institutiounen, déi sech esou Initiativen an Demarchen zur Missioun maachen.

Mir als ADR sinn och der Meinung, dass d'Frae gutt a staark genuch sinn, fir sech an der Aarbechtswelt nieft de Männer ze behapten an duerchzusetzen, gradewéi dass si kapabel sinn, fir sech selwer ze entscheeden, wéi si Berufs- a Familljeliewen no hiren eegenen Uspréich a Virstellungen an ouni Beaflossung duerch de Staat organiséiere wëllen.

Här President, Dir Dammen an Hären, mir sti fir de Geescht vun der fräier Wirtschaft, fir d'Autonomie vun de Patronen a fir de fräie Choix vun de Leit, hiert Privat- a Familljeliewe selwer bestëmmen an organiséieren ze kënnen, ouni dass de Staat sech do amëscht. An ech soen et nach eng Kéier: Mir si fir d'Gläichberechtigung vu Fra a Mann, awer net fir eng Gläichmaacherei. Dofir enthält sech d'ADR bei dësem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hardy. Ech hunn elo nach zwou Wuertmeldungen, zwou Froen, déi Iech solle gestallt ginn. Huet Der dat un?

M. Dan Hardy (ADR) | Jo.

M. Claude Wiseler, Président | Da ginn ech d'Wuert der Madamm Cahen.

Mme Corinne Cahen (DP) | Jo, villmools merci, Här President. Ech hunn d'Fro un den Här Hardy:

D'Presidentin vun der Familljekommissioun huet hei gesot, et wäert gutt Diskussiounen gewiescht an der Kommissioun an Dir hätt eestëmmege de Rapport ugeholl. Elo haalt Der hei esou eng Ried. Ech mengen, ech verstinn do net esou richtig, wat elo do dertëscht geschitt ass, tëscht d'leschter Kommissiounssëtzung, do wou de Rapport ugeholl ginn ass, an där Ried, déi Der hei elo gehalen hutt. An iwwerengs géng ech mer gären och emol unhéieren, wat da „Gläichmaacherei“ heescht, wat do d'Definitioun ass. Esou eppes hunn ech wierklech nach net héieren.

Merci.

M. Dan Hardy (ADR) | Jo, ech wëll der Madamm Cahen just soen, dass ech nach net laang an der Familljekommissioun sinn an ...

(Interruption par M. Fernand Etgen)

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Hardy huet d'Wuert.

M. Dan Hardy (ADR) | Voilà, an dat ass jo och den Haaptpunkt, dass och ... D'Madamm Morgenthaler, mengen ech, hat dat gesot. Ech war bei der Diskussioun net derbäi.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Also, ech wollt eigentlech näischt soen, mee Dir hutt gemierkt, dass ech relativ nervös gi sinn, zemoos wann ee vun Gendergaga schwätzt. Also, come on. Mir sinn awer ...

(Brouhaha)

M. Dan Hardy (ADR) | Ech hunn net „Gendergaga“ gesot.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Mir sinn net méi an där Period, wou mer nach esou Diskussiounen musse féieren, an ech si frou, dass dat Gesetz hei net op d'Stëmmen vun der ADR ugewise ass. Hei gëtt eng legal Basis kreiéiert fir eppes, wat et scho laang gëtt, an zu deem Observatoire wëll ech Iech just soen: Um Site observatoire-egalite.lu, wann ech et nach richtig am Kapp hunn, ass dat alles accessibel. Dat kënnt Der alles nokucke goen. Dat sinn Donnéeën, déi vun Administratioune gesammelt gi sinn, déi do eeben all illustréiert sinn a Grafiken. Een, dee sech elo net domadder auskennt, kann dat alles awer relativ séier verstoen. Dofir, dass Der hei maacht, wéi wann dat elo iergendeen Hokusfokus wär ... Dat ass Fuerschung, déi do hannendrunner steet an dat ass jo guer net den Dëngen.

Meng Fro ass, ob den Här Hardy méi wéi just nëmmen déi éischt zwéi Sätz vum Exposé des motifs gelies huet, vläicht emol dat ganz Gesetz gelies huet, well dat, wat Der hei gesot hutt, entsprecht awer iwwerhaupt guer net dem Contenu vun dësem Gesetz, an ech fannen dat eigentlech ganz traureg. Mee ech mengen, sou wéi Der argumentéiert hutt, sidd Der effektiv beim zweete Saz stoe bliwwen, fir hei Är Anti-Fraen-, Anti-Feminismus- an Anti-Gender-Ideologie ...

(Interruption)

Une voix | Firwat sidd Dir net méi Minister?

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Dach, dach, dach.

M. Claude Wiseler, Président | Dat ass elo keng Fro!

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Ech si vläicht net méi Ministesch, mee ech kann awer ëmmer verteidegen, an ech verteidegen nach ëmmer. An allkéiers wann ech mer esou ee Blödsinn muss unhéieren, wäert ech d'Stëmm erhiewen!

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift! Elo, Här Hardy, wëllt Der nach eppes äntweren?

M. Dan Hardy (ADR) | Nee, also et deet mer leed, Madamm Bofferding, mee ...

(Interruption)

... Äre Punkt war net ganz seriö elo an dorobber kann ech Iech net äntweren.

(Exclamations et brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift. Ech mengen, datt mer elo déi Froestellung ofschléisen. Ech géing d'Madamm ...

Mme Corinne Cahen (DP) | Här President, dat stëmmt net, wat den Här Hardy gesot huet, dass en net do war.

M. Claude Wiseler, Président | Ech géing d'Madamm Cahen bidden, wa si d'Wuert nach wëll huelen: Dir hutt als Fraktioun duerno nach Zäit. Dir kënnt roueg nach eng Kéier eppes soen. Dat ass kee Problem, mee elo huet d'Madamm Joëlle Welfring d'Wuert. Madamm Welfring.

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Merci, Här President. Dësen Observatoire de l'égalité des genres ass e wichtegt Organ, well et erlaabt, bestoend Ongerechtegkeeten ze moossen an ze bewäerten.

Déi gesammelt Date bilden d'Grundlag fir wichteg Entscheedungen, virun allem an der Politick. Mir brauchen nämlech eng Welt, déi fir jiddweree funktionéiere soll, wou keng Gruppe vu Leit vergiess oder ignoréiert ginn. An eppes, wat een net kennt oder net miesst, dat kann een och net verbesseren.

D'Konsequenze vun Daten, déi feelen, kënnen geréng ausfallen, mee se kënnen a verschiddene Fäll och uerg, souguer liewensbedroelech Situatiounen mat sech bréngen. Sief et zum Beispill an der Medezinn beim Stelle vun Diagnosen, well et do ënnerschiddlech Symptomer bei Männer a Frae gëtt, zum Beispill am Fall vun Häerzinfarkter, oder bei Sécherheetsbestëmmunge fir Autoen, wou e Crashtest-Dummy an de meeschte Fäll nach ëmmer op engem Männerkierper baséiert.

Dass et an dësem Kontext nach viles ze verbessere gëtt, weisen net nëmme d'Zuelen, zum Beispill och déi vill Lücken an deem leschte Rapport vum Komitee fir d'Gewaltbekämpfung, mee dat soen engem och déi betraffe Leit selwer. An dat weisen net zu lescht och déi opgeheizten Diskussiounen ronderëm d'Thematisierung vun der Geschlechtervillfalt an der Educatioun. Dofir virewech: Mir wäerten dës Gesetzesprojet selbstverständlech matstëmmen.

Ech wollt op dëser Plaz nach umierken, dass mer bedauern, dass verschidden Iddien a Remarken, déi mer an der Kommissiounssëtzung erabruucht hunn, net integréiert goufen. Zum Beispill déi, dass den Observatoire d'Zesummenaarbecht mat den Organisatiounen aus der Zivilbevölkerung, spréich déi ONGen, déi sech Dag fir Dag zu engem groussen Deel mat Benevollen um Terrain engagéieren, net explizitt a senge Missiounen stoen huet, mee just, dass e mat aneren Observatoiren, also souzesoe mat sengesgläichen, heiheem an Europa zesummeschaffe soll. Ech hätt et net méi wéi normal fonnt, wann den Austausch an d'Zesummenaarbecht mat dësen Acteuren mat all hiren Erfarunge kloer an däitlech an de Missiounen opgeléicht gi wieren.

Et ass awer och wichteg, dass den Observatoire sech déi néideg Ambitiounen gëtt, fir der Komplexitéit an der Villfalt vum reelle Liewe Rechnung ze droen. Iwwert d'Sammele vun Daten eraus muss dofir och zu der Entwécklung vun neien Indicateuren bäigedroe ginn, fir opkommend Tendenzen matzäite kënnen ze anticipéieren. Zum Beispill Indicateuren, déi systematesch Diskriminéierung an de Medien erfassen

oder och méiglech Verzerrungen, déi duerch d'Notzung vu Kënschtlicher Intelligenz entstoe kënnen.

Dofir ass et och wichteg, dass dësen Observatoire mat genuch Ressourcen ekipéiert ass an no an no ausgebaut gëtt. Ech ginn dovun aus, dass mer nach Geleeënheet wäerte kréien, fir eis iwwert d'Aarbechte vun dësem Observatoire auszetauschen, a mir wäerten déi ganz sécher genee suivéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, et ass un Iech.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Wéi ech dem Här Hardy nogelauschert hunn, hunn ech op eemol geduecht ..., ass et mer esou virkomm wéi eng al Vinylsplack, déi op verschiddene Plaze kraazt.

(Interruption)

Et sinn ëmmer déi selwecht Plazen, wou se kraazt. An dat, wat een do zréckbehält, dat ass esou e Gefill, wéi wa mer esou en Zeréck an d'Siechzeger-, Siwwenzergerjoren hätten a wéi wann all déi Fortschritter, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn, näischt wäert wäeren, verbonne mat engem Fraebild, dat ech awer relativ douteux fannen.

Virun allem, well Gläichstellung ass de Contraire vu Gläichmaacherei. Et gëtt strukturell Ongläichheeten, och haut nach ëmmer. Et gëtt en Gender Pension Gap zu Lëtzebuerg, deen enorm grouss ass. Et gëtt Beräicher, wéi d'Madamm Welfring gesot huet, wou Sécherheetsmesure reng op de männleche Kierper axéiert sinn. Dat ass Gläichmaacherei. Gläichstellung ass, Diversitéit ze erkennen a wéi een domadder kann ëmgoen.

An duerfir, wa mer schonn an der Vergaangenheet sinn, vläicht eng kleng Anekdot: Wéi 1971 am Dezember d'Kënschtlerin Berthe Lutgen hei op der Plëss de Mouvement de libération des femmes gegrënnt huet, do ass si quasi direkt zum potenzielle Staatsfeind erkläert ginn. Bis 1986 huet de SREL en Dossier iwwer si gefouert, well sech iwwerhaupt fir Fraerechter anesetze war subversiv, voire esouguer potenziell terroristesch.

Glécklecherweis si mer haut net méi do. An nawell, wann ee sech d'Revendicatiounen vum Fraestreik, vun deene leschte Fraestreiken ukuckt, da mierkt een, datt et awer wierklech nach strukturell Ongläichheeten gëtt an datt mer mussen dergéint virgoen.

En éischte Schrëtt ass d'Schafung vun enger legaler Basis vun dësem Observatoire, datt mir eebe justement kënnen prezis Donnéeën hunn, och ënner anere iwwer Violence domestique. Mir brauchen déi Donnéeën. Mir brauchen déi Donnéeën, fir kënnen eng Politick ze maachen, déi eng wierklech Gläichstellung hierstelle kann. An ech begreissen duerfir och, datt d'Aufgab vun deem Observatoire net nëmme doranner besteet, Donnéeën ze sammelen, mee datt doranner och eng Interpretatioun, en Travail d'interprétation mat agebonnen ass, datt eng Analys vun deenen Donnéeën gemaach gëtt an och verglach gëtt mat Donnéeën aus aneren europäesche Länner. Dobäi ass et awer kloer, datt Donnéeën sammelen oder analyséieren natierlech kee Selbstzweck ass, mee et soll eng Guideline si fir ze agéieren.

2020 ass eng Etüd erauskomm vum Institut européen pour l'égalité des chances (ndlr: EIGE), déi gesot huet – dee Moment, 2020 –, wa mer zu Lëtzebuerg an deem Tempo géife widerfuere, da géife mer nach 308 Joer brauchen, bis mer wierklech eng Gläichstellung hätten. Dat heescht, et gëtt eng Urgence, et gëtt och eng Urgence ze handeln. Dat hei ass e klengen éischte Schrëtt dofir.

An ech wëll och drun erënneren, datt mer nach ëmmer d'Istanbul-Konventioun zu Lëtzebuerg net komplett ëmgesat hunn. Eppes, wat mer awer ratifizéiert hunn, nieft ganz, ganz villen anere Länner. An ech ka just hoffen, datt d'Madamm Backes op deem Dossier wierklech intensiv, intensiv weiderschafft.

D'Madamm Welfring huet och zu Recht d'Bemierkung gemaach, datt och an der Kommissioun Propositione gemaach gi sinn, wat hätt kënnen e weidert Feld, e weidere Scope si vum Observatoire. D'Madamm Welfring huet Beispiller genannt. D'Chambre des Salariés nennt och d'Beispill, datt ee sech verstärkt hätt misse mat der Persistenz vun Ongläichheeten befaassen, virun allem, well de GREVIO a sengem Avis iwwer Lëtzebuerg konkludéiert, datt déi administrativ „data collection in Luxembourg currently falls short of the requirements of Article 11 of the Istanbul Convention.“

Voilà. Ech mengen och, datt et onglécklech ass, datt elo doduerch, datt de Comité du travail féminin ersat ginn ass duerch e Conseil supérieur à l'égalité entre les genres, do keng Vertrieederinne méi vum Salarat vertruede sinn. Dat bedauere mer, mee dat ass awer kee Grund, dës Projet net matzestëmme.

Ganz zum Schluss hunn ech awer nach eng Fro un d'Madamm Minister: Am Dezember, wéi Der de Koalitionsprogramm virgestallt hutt, hutt Der effektiv op Nofro vun der Madamm Welfring, déi gefrot huet, wéi et wier, eng zentraliséiert Structure d'accueil fir Affer vun haislecher oder sexueller Gewalt ze schaffen, geäntwert, dat wier en préparation. Dir misst mat deenen eenzelnen Intervenanten, mat deenen eenzelnen Associatiounen och zesummekommen, Besoinen identifizéieren. A meng Fro ass einfach: Wéi wäit sidd Der domadder? Wat ass d'Timeline? Weini kann een eventuell mat engem Projet de loi rechnen? A weini kann ee vläicht och mat enger Ouverture vun esou enger Structure rechnen?

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann hunn ech nach d'Madamm Cahen, déi sech nach ageschriwwen huet. Vu datt d'DP nach Zäit huet, ass dat kee Problem. Madamm Cahen, et ass un Iech.

Mme Corinne Cahen (DP) | Villmools merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech fannen, et kann een hei am Haus net alles einfach esou stoe loosse a soe loosse.

Wéi ech den Här Hardy gefrot hunn, firwat hien de Rapport an der Kommissioun matgestëmmt huet an hei awer esou eng Ried géint den Observatoire hält, huet e mer geäntwert, e wär net do gewiescht. Abee, dat stëmmt net, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

(Interruption)

Den Här Hardy war an där Kommissioun derbäi an hien huet de Rapport och matgestëmmt!

Une voix | Wat eng Iwwerraschung!

Mme Corinne Cahen (DP) | Mir kënnen jo wierklech hei awer net esou alles soe loosse.

Iwwregens krut ech och keng Äntwert op meng Fro, wat Gläichmaacherei heescht. Ech verstinn dat an dësem Kontext guer net. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ried vun der ADR beweist, dass mer esou en Observatoire haut nach méi wéi jee brauchen.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | D'ADR freet nach eng Kéier d'Wuert. Och do ass nach Zäit iwwreg. Net ganz laang, mee Dir hutt der awer nach. Här Keup, et ass un Iech.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien! Villmools merci, Här President. Also ech wëll awer trotzdeem hei mol eppes soen: Wësst Der, wëini den Här Hardy Deputéierte ginn ass? Wëini dat war? Ech mengen, dat war de leschten Dag virun der Sommervakanz.

Ech mengen net, dass et hei méiglech ass, ...

M. Marc Baum (déi Lénk) | Wësst Dir, wëini de Rapport ugeholl ginn ass?

M. Fred Keup (ADR) | ... dass mer vill ...

(Interruption)

Nee, nee. Ech wëll just soen, dass e laang net an der Familjekommissioun war. Ech weess net, wéi vill en der matgemaach huet. Ech wëll just soen, dass an der grousser Vakanz keng waren, dass et elo eréischt ugefaangen huet. De Rapport ass vläicht matgestëmmt ginn, jo. So what? Hei sinn oft Leit, déi e Rapport esou vläicht ofstëmmen an dann hei am Plenarsall aneschtens.

(Exclamations et hilarité)

Nee, net bei de grousser Parteien.

(Interruptions et hilarité)

Jo, dach! Dach, da kuckt no, dach ... Jo, do kënnt Der laachen.

M. Tom Weidig (ADR) | Wou ass Är Empathie?

(Hilarité)

M. Fred Keup (ADR) | Jo, do kënnt Der laachen. Déi aner Geschicht ass déi: Gläichmaacherei – ech ginn Iech ee Beispill –, dat sinn d'Quoten. Quoten, déi ee wëll duerchsetzen, dat ass op eemol Moud ginn. Och hei ass eng Quot agefouert gi fir d'Walen: 40 %, soss kriss de keng Suen. Dofir huet esouguer missen d'Verfassung geännert ginn.

Une voix | Misst ee jo net.

(Interruptions)

M. Fred Keup (ADR) | An dat ass eigentlech de grousser Problem, dass einfach ze vill gemaach gëtt, well des Quote jo derzou féieren, dass Der dat kritt: Quotefraen, Quotemänner. An amplaz dass Der Leit hutt, wou Der einfach kuckt: ...

Une deuxième voix | Här President, ...

M. Fred Keup (ADR) | ... „Kënnen déi et oder kënnen déi et net?“, ...

(Interruption)

Une troisième voix | Dir schwätzt vun Iech.

M. Fred Keup (ADR) | ... geet et op eemol drëm, wéi e Geschlecht déi Leit hunn. An dat ass e ganz grousser Problem, dee mir an de leschte Joren ëmmer méi hei an Europa, zu Lëtzebuerg kennegeleiert hunn. Mee ech kann Iech awer soen, iergendwann, sinn ech iwwerzeugt, wäert dee ganze Spuk och erëm eng Kéier eriwergoen.

Mme Corinne Cahen (DP) | Dann hu mer nees eng Männerwelt!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, ouni Quote wier och d'ADR just mat Männer heibannen.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, elo hunn ech nach eng Wuertmeldung. Dat ass den Här Gilles ... Ech hunn der elo zwou, den Här Gilles Baum an d'Madamm Minella. Dir musst Iech just eens ginn, wien d'Wuert hëlt.

M. Gilles Baum (DP) | Ech huelen d'Wuert als Éischt, wannechgelift. Ech maachen et och ganz kuerz. Ech géif gären de Vertrieeder vun der ADR soen, dass

heibannen net eng eenzeg Quotefra sëtzt, well all déi Dammen, déi hei sëtzen, vum Vollek gewielt gi sinn!

Plusieurs voix | Très bien!

(Interruption par M. Fred Keup)

M. Claude Wiseler, Président | Elo ass et un der Madamm Minella. Ech huelen Iech der Rei no. Dir hutt nach ganz e weineg Zäit. D'Madamm Minella, dann den Här Keup an dann ass et fäerdeg.

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Merci, Här President. Ech wollt just nach eng Kéier kloerstellen: An der Visioreunioun vum 24. September, wou ech derbäi war – an déi Reunioun hunn ech selwer presidéiert –, huet den Här Hardy de Projet de rapport matgestëmmt an en huet och an der Diskussioun un deem Projet de loi näischt ausesetze gehat.

Villmools merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Här Keup, kuerz eng Äntwert?

(Interruption)

M. Fred Keup (ADR) | Nee, et geet ..., et huet kee Mënsch gesot, dass heibannen ...

(Interruption par M. Gilles Baum)

Här Baum! Et huet kee Mënsch gesot, dass heibannen eng Quotefra wier. Mee Dir hutt dat awer. An Dir wësst ganz genee, wéi ech och a wéi mer alleguerten hei, ...

(Interruptions et hilarité)

... dass et hei ëmmer méi déi Tendenz gëtt, fir a Verwaltungsréit an esou weider, ...

M. Tom Weidig (ADR) | Genau! Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | ... bei der Europäescher Kommissioun war déi Diskussioun, dass et drëms geet, einfach just Leit vun engem gewëssene Geschlecht ze sichen, amplaz just d'Qualitéit ze kucke vun der Persoun.

(Interruptions)

An dat ass eppes, wou mir eis dergéint wieren!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

An iert Iech net, et si ganz vill Leit hei am Land, a vill méi vläicht, wéi Dir mengt, déi genau esou denke wéi mir.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, elo huet den Här Clement nach d'Wuert gefrot an da schlësse mer d'Sëtzung ..., net d'Sëtzung, mee des Diskussioun of.

(Brouhaha et hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | Ech stelle just fest, datt et manifestement heibannen e puer Männer gëtt, deenen hiren Ego esou fragill ass, datt se Angscht hunn, vu méi kompetente Fraen ersat ze ginn.

(Interruption)

An ech si frou fir all Fra, déi sech traute, Politick ze maachen, fir all Fra, déi sech traute, sech dem Wieler an der Wielerin ze stellen. An ech si ganz houfreg, datt doduerch och vill Fraen hei gewielt ginn!

(Interruption)

M. Fred Keup (ADR) | Mengt Der, Iech géif nach een eppes gleewen?

M. Sven Clement (Piraten) | O, Iech scho laang net méi.

M. Claude Wiseler, Président | Esou, elo hu mer des Diskussioun ofgeschloss.

An d'Wuert huet elo d'Regierung. Madamm Minister.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de l'Égalité des genres et de la Diversité | Voilà. Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech sinn natierlech immens frou, dass nom Summer an der éischter parlamentarescher Sessioun dëse Gesetzesprojet iwwert den Observatoire de l'égalité entre les genres um Ordre du jour steet.

Ech wëll och dem Mandy Minella e grousser Merci soe fir säin exzellente Rapport. Der zoustänneger Chamberskommissioun merci fir déi exzellente Zesummenaarbecht. An ech sinn och frou iwwert déi wirklech immens breet Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet.

Ech wëll Iech hei soen, dass dëse Gesetzesprojet wirklech eng ganz kruzial Etapp ass an der Egalitéitspolitik zu Lëtzebuerg.

Meng Virgängerin huet dëse Gesetzesprojet deposéiert. E Grousser Merci dofir. An ech sinn natierlech ganz frou an houfreg, fir déi Aarbecht kënne virunzeféieren, well den Observatoire wirklech en zentrale Pilier an der Aarbecht vum MEGA ass, mee, mengen ech, och wirklech wäit doriwwer eraus, well et geet hei net just ëm Zuelen, et geet hei ëm Fräiheet, et geet hei ëm fundamental Rechter, et geet hei ëm sozial Kohäsioun.

Egalitéit tëschent de Geschlechter betrëfft all Beräicher am Liewen an eiser Gesellschaft. Et ass scho gesot ginn: Den Observatoire, mee och de Conseil supérieur à l'égalité entre les genres si wirklech zwee fundamental Punkten, déi gefrot gi sinn am nationalen Aktionsplang an déi mer elo heimadder kënnen ëmsetzen.

Et geet eis drëm, déi Zuelen ze hunn, dass mer e Gesamtbild hunn iwwert de Stand vun der Egalitéit an eisem Land. Haut hu mer siwe Beräicher, déi couvréiert sinn. An ech mengen, et muss een och soen: Dat si Chifferen, déi wirklech zougänglech si fir de Public. Den Internetsite ass och e wichtege Pilier vum Observatoire.

D'Gläichstellung tëschent Männer a Fraen ass verantwort an der Constitutioun. Dat ass esou, an der Constitutioun!

(Interruption)

An awer ass dat keng Selbstverständlechkeet, well mir hunn déi Gläichstellung nach net erreicht. Wat mer brauchen, dat sinn adequat Mesüeren a Projeten. Dofir brauche mer Zuelen, fir eis Politick do ze stäipen. A mir musse kucken: Wéi ass d'Evolution? Mir brauchen déi Chifferen, fir d'Evolution ze gesinn, fir ze kucken, ob Mesüeren oder Projeten, déi mer ëmsetzen, sech dann och an déi richteg Richtung kënne beweegen oder ob mer do mussen Upassunge maachen. Dofir brauche mer déi Chifferen. An dofir ass den Observatoire esou wichteg.

Mir stellen eng Gouvernance op. E Generalsekretär oder eng Generalsekretärin wäert deen Observatoire leede mat enger zweeter Persoun. Allen zwee schaf-fen am MEGA.

De Comité d'accompagnement ass och ganz wichteg. Dat ass méi en technesche Gremium, dee methodologesch, dat heescht technesch a statistesch, soll hëllefen. Do wäerten da Leit vum Statec, vun der Uni, vum LISER, vun der IGSS dra sinn. Déi kënnen natierlech zu all Moment sech och hëllef loosse vun aneren externen Expertinnen an Experten. Och dat ass wichteg, well mer den Observatoire jo och wëlle weiderentwëckelen.

Et ass scho gesot ginn: Mir wëlle kucken, wéi mer déi Netdonnéeën zu netbinäre Persounen kënnen hei mat opgräifen. Mir wëllen och d'Themeberäicher

erweideren. Dat ass och den Optrag ..., oder déi zwee Opträg sinn eeben och am Koalitionsaccord mentionéiert.

Zweemol, mengen ech, ass hei am Debat vu Medie geschwat ginn. Ech mengen, d’Kultur, d’Finanzplaz, och de Sportsecteur wéi och d’Medien, dat sinn alles Domänen, wou mer wëllen am Kader vum Observatoire nach weider Statistike kënnen erhiewen. Dat brauch e bëssen Zäit, mee do schaffe mer drun.

Also mam Opbau vun dësem Observatoire ass effektiv viru laange Joren ugefaange ginn. Dat huet sech gutt entwéckelt an, ech mengen, mir si wierklech houfreg op déi Aarbecht, déi iwwert d’Jore geleescht ginn ass. Mam Projet de loi vun haut kritt den Observatoire dann och déi néideg Unerkennung an och d’Visibilitéit, déi en a mengen Ae verdéngt.

De Conseil supérieur à l’égalité ass effektiv och e wichtege consultative Gremium. Dee brauch mer och. Et ass mentionéiert ginn: Deen ersetzt de Comité du travail féminin, dee viru 40 Joer op d’Bee gesat ginn ass. En ass also 40 Joer al. Saitdeem – ech mengen, do si mer eis all eens – huet eis Gesellschaft evoluéiert. D’Situation an der Gläichstellung ass haut och eng aner ewéi viru 40 Joer.

Et muss een och dobäi soen, dass d’Attributione vum Ministère oder vum Minister – et waren zwar ëmmer Ministeschen – sech och erwidert huet am Laf vun de Joren. Vu Promotion féminine iwwer Égalité des chances op Égalité entre les femmes et les hommes si mer dann haut de Ministère de l’Égalité des genres et de la Diversité.

Dat bedeit awer net, dass mer eis net méi fir Fraerechter asetzen. Dat bedeit och net, dass mer net méi kënnen vu Männer a vu Frae schwätzen.

(Interruption)

Ech mengen, d’Egalitéitspolitick ass am Moment esou inklusiv wéi ni virdrun. An dat kënn och – dovun sinn ech wierklech iwwerzeugt – all Mënsch an eiser Gesellschaft zegutt, onofhängeg vum Geschlecht, der sexueller Identitéit an der Orientéierung.

An dowéinst muss mer och d’Diskussion méi breet maachen. D’Diskussion muss méi breet gefouert ginn. De Comité du travail féminin huet sech effektiv ronderëm d’Aarbechtswelt konzentréiert. En hat och eng quasi quadripartittméisseg Zesummestellung. Elo mam Conseil supérieur wäerte mer dann op Expertinnen an Experten aus verschiddene Kontexter, mat verschiddene Kompetenzen an och verschiddene Erfarunge kënnen zeréckgräifen, fir d’Gläichheet vun de Geschlechter an all hiren Aspekter ze diskutéieren.

Den neie Conseil supérieur kann dann och Avisen zu alle gläichstellungspolitesche Sujeten ofginn, e ka sech och autosaiséieren, proaktiv onofhängeg, konkret Propositione maachen. An ech mengen, et ass och wierklech dat, wat gewënscht ass. Dat war och en Uleies vum CNFL, fir deen ze mentionéieren. Dat sinn och déi, déi obligatoresch dann am Gesetz stinn, fir Member ze si vum Conseil supérieur. Ech mengen, och d’ONGe kënnen natierlech ëmmer als Experten, als Expertinnen invitéiert ginn.

Fir mech ass et wichteg, dee Conseil supérieur esou séier wéi méiglech opstellen. Dee schafft dann niewent engem Comité interministériel – deen operéiert um Beamtenniveau – an dem Comité d’accompagnement. Ech mengen, dee Comité supérieur ass wierklech eng wichteg Stäip, fir déi noutwendeg Kohärenz an der Gläichstellungspolitik ze schafen. Mat dësem Gesetzesprojet, mengen ech, maache mer wierklech e ganz wichtege Schrëtt, fir op eng systematesch Aart a Weis fiabel Donnéeën ze kréien, dass mer eng gutt

Diskussion kënnen hunn op Basis vu fiabelen Donnéeën, fir dann do Verbesserunge kënnen ze maachen, wou se néideg sinn. An dat soll wierklech am Interessi vun all Mënsch vun eiser Gesellschaft sinn.

Gläichzäitig kuerz Remark zu enger Remark vun der honorabler Deputéierter Madamm Morgenthaler: Et ass effektiv e Brëif vun der Chamber un d’Regierung komm. Ech mengen, eng Äntwert ass do och ënnerwee. Mir si wierklech ganz beméit, eng Politique d’égalité entre les genres ze maachen. Ech hu virdrun och erwänt, dass mir dru schaffen, eeben am Kader vum Observatoire, deen haut nëmme Statistiken iwwer Männer a Fraen huet, do och déi netbinär Persounen ze integréieren.

Mee d’Referenz op eng Politique d’égalité entre hommes et femmes ass awer nach ëmmer noutwendeg an eisen Aen, well éischtens d’Egalitéit nach net erreecht ass, well mer zweetens Zuelen zu Mann a Fra brauchen, fir d’Egalitéit dann och weider ze promouvieren, an drëtzens, wéi ech scho virdru gesot hunn, well en Artikel an eiser Verfassung steet, an ech zitieren: „L’État veille à promouvoir activement l’élimination des entraves pouvant exister en matière d’égalité entre femmes et hommes.“

Gläichzäitig fir ofzeschlëssen dann nach: Et war eng Fro zur zentraliséierter Ulafstell fir Affer vu Violence. Do schaffe mer ganz aktiv drun. Do si verschidden Acteure vu Santé, vun Intérieur, och Police, Justice, wou mer zesummeschaffen. De But ass, dass mer an der éischter Hallschent vum nächste Joer dëse Projet pilote kënnen konkret ufänken. Ech kommen och ganz gäre weider Detailler doriwwer an d’Chamberskommissionen presentéieren.

Mee fir mech ass dat wierklech eng absolutt Prioritéit, well mir brauch wierklech eng Plaz, wou Affer vu Gewalt kënnen hikommen, wou se zur Rou fannen, wou d’Experten oder d’Polizei oder d’Assistentes sociales oder en Dokter bei si kommen, soudass si net müssen erausgoen, op siwe verschidde Plaze goen, no esou enger ... Ech mengen, wann ee Violence exposéiert ass, sinn dat absolutt traumatesch Saachen, soudass een do wierklech eng Ulafstell huet, déi fir mech wierklech ganz wichteg ass. Do schaffe mer, wéi gesot, zu e puer Kolleegen an der Regierung ganz aktiv drun. Am MEGA gëtt dat zentraliséiert.

Ech hoffen, dass mer de Projet pilote am Fréijoer kënnen starten, an en attendant kommen ech ganz gären, vläicht bei der Budgetpresentatioun, wou ech Iech dann déi leschten Donnéeën doriwwer ka ginn.

A wat den Observatoire ugeet – ech gesinn, meng rout Luucht ass hei un –, schaffen ech natierlech ganz gäre mat der Chamberskommission, wou mer elo eeben d’Evolutioun wäerte kucken, wéi séier mer verschidden nei Domänen am Observatoire kënnen integréieren, fir nei Chifferen ze hunn, fir dann à terme eng besser Politick an deem Beräich kënnen ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Domat ass dann ... Dir wëllt eng Fro stellen?

M. Tom Weidig (ADR) | Jo.

M. Claude Wiseler, Président | Huel Der d’Fro un? (Assentiment)

M. Tom Weidig (ADR) | Als Éischt hu mer vu Mann a Fra geschwat an elo huet sech dat jo geännert a „Genres“, a Geschlechter. Gläichzäitig kënn Der mer just kuerz soen: Wi vill Geschlechter gëtt et dann?

Plusieurs voix | O!

Mme Yuriko Backes, Ministre de l’Égalité des genres et de la Diversité | Ech mengen, do gëtt et genuch Dokumentatioun, wou Dir Iech kënn dokumentéieren. Ech weess net, ob et den Job vum Minister ass, Iech an deem Beräich opzeklären.

(Hilarité)

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Domat ass dësen Debat ofgeschloss.

Une voix | Do ass och näischt opzeklären!

M. Claude Wiseler, Président | Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8139. Den Text steet am Document parlementaire 8139⁸.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 8139 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. An de Vott ass ofgeschloss.

D’Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm bei 5 Abstentionen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claire Delcourt), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

22. Dépôt d’une résolution par Mme Djuna Bernard

Elo hunn ech nach eng Demande erakritt fir den Depot vun nach enger Resolutioun.

Plusieurs voix | O!

M. Claude Wiseler, Président | D’Madamm Djuna Bernard huet d’Wuert, fir hir Resolutioun ze deposéieren.

(Brouhaha)

Exposé

Mme Djuna Bernard (déi gréng), auteure | Gudde Moien, léif Regierung. Merci, dass Dir mir hei d’Méiglechkeet gitt, meng Wënsch ze äusseren, wat déi